Léif Elteren,

ech heeschen Iech an äert Kand an der Spillschoul häerzlech wëllkomm.

Ech invitéieren Iech häerzlech op eng Informatiounsversammlung a mengem Klassesall (alt Gebai, Sall 02) betreffend d'Schoulrentrée 2019/2020 (OUNI KANNER W.E.G. !!!) :

- mëttwochs, den 10. Juli 2019 um 18h00 (op Franséisch)
- mëttwochs, den 10. Juli 2019 um 19h00 (op Lëtzebuergesch).

Schoulzäiten:

Méindes, mëttwochs a freides: **7h50 - 11h55 ; 14h00 - 15h55**
Dënschdes an donneschdes: **7h50 – 12h00**
Äert Kand ass **schoulflichteg**, dofir muss äert Kand all Dag zur Zäit do sinn oder am Krankheetsfall ofgemellt ginn:

- per Uruff: 23 64 19 02
- per SMS: 621 272 383

Schoulsak:

- grouss genuch fir eng Jackett dran ze maachen, **keng Rullen** a mam **Numm**
- Schmierekëscht mam **Numm**
- Gedrénksfläsch mam **Numm**
- Tut mam **Numm** mat engem fiichte Läppchen
- bei Reen/Schnéi : Bullisbox a Bullisjackett
- bei Sonn : Kap a Sonnecrème

Schoulmaterial:

- 1 Molbuch mam **Numm**
- 1 Schiertech mam **Numm**
- 2 Boxe mat Pabeiersnuesschnappecher (z.B. Kleenex, Sublimo...)
- 2 Päck mat fiichten Dicher (z.B. Pampers, bebino...)

De Rescht vum Schoulmaterial ginn ech fir all Kand kafen a froen Iech dann um Schoulufank Är Bedeelegung vun **30 €**.

Wiesselkleeder:

- Schongkëscht mam **Numm**
- 1 Box
- 1 T-Shirt
- 1 Pullover
- 1 Ënneschtbox oder Kalzong
- 1 Puer Strëmp

Gebuertsdag:



- Nëmmen nomëttes (méindes, mëttwochs, freides)
- Mindestens een Dag am Viraus Bescheed soen
- Dréchene Kuch, Zerwéiten (a Jus)

Turnen (all Dënschdeg):



- Turnsak mam **Numm** (bleift an der Schoul a kënnt nëmme virun all Vakanz mat Heem)
- Turngezei mam **Numm**
- Turnschlappe mam **Numm** mat **wäisser Suel, keng Stréckelen!**
- Anti-Rutsch-Strëmp mam **Numm** (déi ganz Suel anti-rutsch, net nëmme vereenzelt anti-rutsch Punkten!)

Ouni Turngezei an Turnschlappen, kann Äert Kand net un der Turnstonn deelhuelen !

Bibliothéik (all Mëttwoch):

All Kand kann sech ënner folgende Konditiounen e Buch ausléinen :

- e Buch pro Kand
- d'Buch muss mat Respekt behandelt ginn
- e Sak (mindestens A4) mam **Numm** fir den Transport vum Buch

<u>Schwammen (all Donneschdeg) :</u>



- Schwammsak mam **Numm**
- Maillot (kee Bikini!) oder Schwammbox mam **Numm**
- Schwammkap aus Silikon mam **Numm**
- Duch mam **Numm**
- Lastik a Kämmbiischt (laang Hoer)

Ouni Schwammsaache kann Äert Kand net un der Schwammstonn deelhuelen !

<u>Vëloen (all Freideg, wann d'Wiederkonditiounen et zouloossen)</u>



- Appropriéiert Kleeder a Schong
- D'Vëloen (mat/ouni Stützrieder) an d'Helmer gi vun der Schoul zur Verfügung gestallt.

<u>Bësch (Etikett « Bësch » am Bichelchen):</u>



- Tut mam **Numm** (kënnt all Kéier aus Plazgrënn erëm mat zréck)
- Bullisjackett (gefiddert an/oder net)
- Bullisbox (gefiddert an/oder net)
- fest Schong, déi d'Kand eleng undoe kann oder Gummisstiwwelen
- Sëtzkësse mat engem Karabinerhaken
- am Wanter: Mutz, Schal, Händchen, déck Strëmp...

Léif Gréiss,
Joffer Tammy